Gemeinschaftsgäert

Community gardens

Jardins communautaires

Eng Aktivitéit am Kader vun der "semaine sans pesticides" 20.-30. Mäerz 2016

**Gemeinschaftsgaart - och e Projet fir méng Gemeng? Op wat muss ech oppassen?**

**Wéi ginn ech esou ee Projet un? Wéi eng Erfahrunge ginn et mëttlerweil?**

## Visite & Austausch mat den Initiatoren

D'Stad Lëtzebuerg huet 2013 hieren éischte Gemeinschaftsgaart an d'Liewe geruff an zanterhier klëmmt d'Nofro no weidere Gäert. Mëttlerweil ginn et schonn 3 Gäert (Bouneweg, Gare/Uewerstad a Lampertsbierg). Duerch de Projet kënnt et zum Ubau vu pestizidfräiem Geméis a Blummen, ma och zu gudden Noperschaftsbezéiungen tëscht alle Generatiounen a Nationalitéiten. Ee Gemeinschaftsgaart, am Ënnerscheed zu anere Gaardeformen, gëtt vun enger Grupp vu Noperen aus dem selwechte Quartier zesumme beschafft, ënnert ekologesche Kritären. Wat geplanzt gëtt a wat vun Aktivitéiten am Gaart an ausserhalb vum Gaart ënnerholl gëtt, gëtt zesummen decidéiert.

Wann Dir en flotten ekologeschen a soziale Projet wëllt an Ärer Gemeng ëmsetzen, da kommt Iech e puer Iddie maachen a profitéiert vun enger Visite vun engem Gemeinschaftsgaart vun der Stad Lëtzebuerg.

D'Equipe vum Ëmweltdelegéierte freet sech, Iech de Projet virzestellen a soumat direkt op Är Froe reagéieren ze kënnen.

**Visite vun engem Gemeinschaftsgaart**
**25. Mäerz 2016**
**10h00-12h00**
**Treffpunkt : rue Nicolas Ries / Limpertsberg**

**Umeldung (w.e.g.): environnement@vdl.lu ¦ +352 4796--4773**

Beschreiwung vum Treffpunkt:

Rue Nicolas Ries: (Quartier Limpertsberg). Vum Glacis aus, avenue de la Fäiencerie erop (laanscht de Kino Utopia), déi zweet Strooss lénks eran (rue Melchior Bourg Gemen) an do déi éischt Strooss no lénks (rue Nicolas Ries). De Gaart ass um Trëppelwee fir an den Tony Neuman Parc. Bus Ligne 3

map.geoportal.lu

Le géoportail officiel du Grand-Duché de Luxembourg

# Jardin communautaire Limpertsberg, rue Nicolas Ries

ADMINISTRATION DU CADASTRE ET DE LA TOPOGRAPHIE
Grand-Duché de Luxembourg




www.geoportail.lu est un portail d'accès aux informations géolocalisées, données et services qui sont mis à disposition par les administrations publiques luxembourgeoises.
Responsabilité: Malgré la grande attention qu'elles portent à la justesse des informations diffusées sur ce site, les autorités ne peuvent endosser aucune responsabilité quant à la fidélité, à l'exactitude, à l'actualité, à la fiabilité et à l'intégralité de ces informations. Information dépourvue de foi publique.
Droits d'auteur: Administration du Cadastre et de la Topographie. http://wiki.geoportal.lu/doku.php?id=fr:mcg_1

Echelle approximative 1: 2,500

0 20 40 60m